

## Merci!

Joerelaang konnt dir hei an eiser KLACK liesen, **datt CHRËSCHTDAG nun emol net KRËSCHTDAG ass**. Dat huet zwou Haaptursachen: 1. Wa mir 'Krësch't' aplaz 'Chrësch't' schreiwen, da musse mir äis konsequent bleiwen an och 'krëschtlech, Kristian(e), Kristof' bustawéieren... an da wäert dir emol gesinn, wéi d'Reklamatiounen eragereent kommen; 2. ass et net verstänneg, wa mir deen 'CH' opginn, deen et am ganzen engleschen, franséischen, däitschen, spueneschen, portugisesche Sproochraum gëtt, nom Prinzip, datt mir eis Schreifweis esou 'international' wéi méiglech hale sollen, wat mir Lëtzebuergeschen äis jo iwregens duerch eis Sproochlandschaft leeschte kënnen.

Op deerselwechter Léngt hänkt d'Gelëmp, ob mir oui ze iwverleeën alles sollen iwverhuelen, wat an de leschte Joeren an der däitscher Orthographie verschampeléiert ginn ass. Déi hunn sech ë. a. wéi de Geck un de Bengel drugehal, fir déi sougenannt 'Frikativ', de 'Reibelaut' **PH** sou wäit ewéi méiglech ze knécke wéi eng lätsteg Laus (Foto, Geografie, Elefant, Grafik...). Mä **Philosophie**, ass bliwwen; **Philologie**, **Philanthropie**, **Physik**, **Philharmonie** a kéipweis aner Ausdréck sinn nach wéi si waren; si komme klor aus dem ale Griecheschen, vu wou jo souvill Fong vun eiser Zivilisatioun hier ass.

Dann huet dir emol **dee 'Käbbi', deen si mam 'laangen s / B' gebrutscht hunn**. Aplaz dee Bustaf – deen d'Schwäizer iwregens ni ugeholl hunn – ganz erauszehuelen, guff déi 'B-erei' nach méi komplizéiert gemaach. Kuckt och déi onnéideg Verdräifachung vu Konsonanten (Fellager, Mattpapete, Stofffelder...); denkt un dee schéine Saz: *Firwat et einfach maachen, wann et och komplizéiert geet?*

Wat déi Haulien sech do fir e Gewulls gelescht hunn, dat ass net nëmme 'l'art pour l'art'; dat ass esouguer wëssenschaftlech a vrun allem sozio-pädagogesch kräizdomm. Ech hu bis elo nach kee begéint, dee mir soe konnt, firwat dat Schreifweisgehäck do gutt soll sinn; ganz **bestëmmt huet et näischt mat Vereinfachung beim Liesen- a Schreiwé-Léieren ze dinn...** dat muss ee kengem ale Schoulhues a Papp vu 5 Kanner wëlle wäissmaachen, bis op déi Decisioun, de Vokal bannen an engem Wuert nom Stack ze riichten (Schank/Schänke – Stange/Stängel asw.). Et brauch keen ze kommen an d'Nues ze rënschelen, dat wier dach vu kompetenten a prominente Wëssenschaftler esou iwver Joeren ausgeschafft ginn. Denkste? Quatsch: Firwat hunn dann zolitt Publikatiounen wéi 'Spiegel', 'Süddeutsche', 'Frankfurter Allgemeine', 'Welt' asw. sech gestäipt, bis datt et aus anere Grënn wéi wëssenschaftlechen Ursachen net méi ze ëmgoe war. Iwregens fanne mir jo haut an deene Pressorganen nach kéipweis Ausrutscher, wat déi 'nei' däitsch Schreifweis ugeet... Fir de Rescht: *Duden, Duden über alles!* A wéivill prominent Schrëftsteller loosse dat 'Neit' einfach lénks leien?!

Mir da bei deer Saach? Mä fir de **Ph**, de **Ch** an aner Gewunnechten, déi mir mam Franséischen a mam Engleschen deelen, solle mir einfach 'bei der Heck' bleiwen, dat ass dach just och fir eis Sproochsituatioun e Markenzeechen... dofir nach eng Kéier e Merci an en décke Bravo fir all déi, déi de **K** beim Chrëschtdag op d'Schëff geschéckt hunn! Et waren dës Kéier bal 100 %. Merci un all Annonceuren an un d'ganz 'Printpress'!

## Dräikinnegaass?

Fir all déi, déi net esou kënneg an der Stad sinn (net: *sech auskennen!*), sief hei gesot, datt et déi Strooss ass, déi **och nach 'rue Chimay'** heescht a vun der Plëssdarem erof riicht op 'de Cravat' geet. Do, direkt lénkerhand, op Nummer 3, hu mir dann elo e schéine **Medaillon vum Antoine Meyer** opgehaang, deen 1801 an dësem Haus säin éischte Kreesch gedinn huet. Dir konnt an der leschter KLACK liesen, datt hien den alleréischten Dichter an eiser Sprooch war, an datt säi Bichelchen 'E Schrëck op de Lëtzebuerg Parnassus' 1829 – also vrun 180 Joer! – erauskomm ass.

Kuckt iech dee Bronze-Kapp emol un... an denkt dobäi, datt d'Lëtzebuergesch ower vläicht net grad dat Heeschekëndchen ass, fir dat der vill et halen... well si et net besser wëssen.

## Merci, Här Nico THEWES!

Dee stereotype Saz/Wonsch, et soll een 'deenen um Radio' dach emol soen, datt... dee kréie mir zënter 35 Joer ze héieren. De Problem war an ass nach ëmmer: Mir hunn deenen näischt ze soen, ganz dovun ofgesinn, datt déi sech knapps eppes soe loosse. Mir haten 'hinnen' ewell vrun 30 Joer offrëiert, eng Zort '**Cours fir Radios-Lëtzebuergesch**' ze maachen... ech erspueren eise Lieser den Herrschaften hir Äntwert: domm a frech!

Natierlech hu mir äis net ginn, an eis Kritik ass zënterhier och (indirekt) weidergaang, esouguer 16 Joer (iwver 2500 Emissiounen!) laang op der Antenn vun de Sendere selwer... Dat huet bei en etleche verstännege Leit eppes gedéngt, ower déi gaaaaanz Gescheit hunn sech ni doru gestéiert. Do koum a kënn natierlech nach en aneren Zock dobäi: **Wann ëmmer déiselwecht iwver datselwecht ze knadden hunn, dann hu si zugudderlescht 'la liberté des fous'**, an anere Wieder: 'Looss deen Dabo nëmme braddelen...'

Just dofir ass et esou wichteg a si mir esou frou, datt den Här Professor Nico Thewes sech dat 'Radios-Lëtzebuergesch' (elo well fir d'zweet Kéier!) op de Leescht geholl huet. Hie gëtt ganz konkret a genee Beispiller an sengem laange Lieserbrëif, déi esou vill Leit wéi méiglech sech sollen erausschneiden... fir et dselwecht ze maachen. Et wier just ze hoffen, datt déi Verantwortlech vun den TV- a Radios-Stationen sech dat emol gengen 'eranzéien'.

Eng ganz intressant Bemierkung: Am Kontrakt fir Radio- an TV-Erlaabnes steet däitlech, datt et eng 'obligation d'ordre culturel' fir si gëtt... gehéiert eis Sprooch dann elo zu eiser Kultur (Identitéit) oder net?

vum Lex Roth



## Ceterum censeo... (36)

Elo heescht et jo dann, d'Sëtzunge vun der Chamber-Commissioun fir d'Ännerungen an eiser Constitutioun wieren net méi 'geheim'. Also könnte mir dann och elo domat kommen, wien (an zwar mam Numm!) sech, no dem kompletten Accord vun de Partie vu virun deer leschter Chamber, op eemol mat 'Dommheete' géint eis Sprooch als déi vum Grand-Duché gestallt huet. Dat wäerte mir dann och maachen, well d'Ursachen, déi bruecht gi sinn, sinn esou fuddeleg, wéi datt just déiselwecht Leit beim Nationalitéitgesetz fir eis Sprooch als '*conditio sine qua non*' agesat hunn. Mir bréngen dann och d'Photo nach eng Kéier, déi no eisem Rendez-vous an der Zeitung war... *und der Rest wird mit Sicherheit kein Schweigen sein...* mir hale bäi. Net no!

## Eng Unzuel vu Steierzueler...

...*haten sech afonnt, fir dem aarme Jang ze gedenken*. Natierlech ass dat 'am Geck' gesot a mat de Buuschten erbäigezun, ower: dee komesche '*Steierzueler*' geeschtert ewell joerelaang duerch eis Sprooch; et ass deer Beispiller eent, wou aus dem Houdäitsche gesuckelt gëtt, oui och nëmme een Ament ze iwverleeën... an da gëtt natierlech gesot, dat wier '*nach ëmmer esou gewiescht*'. Dat stëmmt einfach net, well hei ass nach ëmmer **bezuelt** ginn, ni *gezult*, also ass et **SteierBEZUELER**. An deer bekannter Riedensart heescht et jo och: **Bezuel**, da bleifs d'um Haff, net '*zuel*', da bleifs de. Dee krommenolege '*Steierzueler*' ass sengerzäit duerch de Veräin an d'Blietchen entstan, déi de gudde Jemp Bertrand gegrënnt hat.

Weider: Wat ass elo op eemol eng '*Unzuel*'? Mä ganz eifach datselwecht wéi just hei uewendur gesot, esouguer nach weider, well et erënnert un den däitschen Ausdröck 'Unzahl' dee jo praktesch eng enorm Zuel wëllt soen. Muttwëll!

Mir kënnen am Spunnes och nach soen, et wieren '*eng Unzuel vu Leit dem Opruff gefollegt, fir deenen Doudegen ze gedenken*'... an da wiere mir alt erëm eng Kéier an deer houdäitscher Tramsschinn hänke bliwwen, giffen och nees soen, dat wier 'nach ëmmer esou gesot ginn'; stëmmt net! Grad esou ass et mat deem gelungene (feierleche?) '*gedenken*', dat mir roueg an de Fatzekuerf kënne geheien, well et Däitsch ass, dat mir net néideg hunn. **Mir denken un een oder erënneren äis un hien**. Da baue mir dat och ganz liicht an oui Jadderminnes-Sprooch an en normale Saz. Sou giff dee Saz aus der Iwwerschrëft, oui Jirimiri ower grad esou éierlech: *Op déi Invitatioun waren eng Partie Leit komm, fir un de Jang ze denken / sech un hien ze erënneren*. Eis Sprooch huet déi iwverflësseg Fändelen a Flätschen net néideg.

## Kee Rutsch!...

wënsche mir eise Membren a Frënn... Wien an dat Neit Joer 'rutscht', deen ass net sécher op de Been a fällt entweder op d'Schnuff oder op de Kicks. Dat wëlle mir jo ower kengem wënschen.

Mir hätte gär, datt der esouvill wéi méiglech vun Iech am Joer 2010 vun deenen 8760 Stonnen profitéiere kënnen, fir sech heiansdo aus der Zefriddenheet e puer Momenter Gléck ze verschafen.

Dofir: **VILL GLÉCK AM NEIE JOER!**

## Eis 'EXTRANUMMER 3'

Datt mir elo – **genee 30 Joer no deer éischter – eng 6. Editioun** vun deem Bichelchen hu misse maachen, an deem jidderee Stuel a Middel fir allméiglech privat Annoncen, Menüen, kleng Texter, eis Uertschaftsnimm, eng kuerz a kamoud Fassong fir eis Orthographie kennenzelëiere, fënn, dat weist, datt et deemools bluttnéideg war... an haut och nach ass.

Deemols? Dat war vru genee 30 Joer, a mir sinn elo houfreg, datt dat praktesch **Heft 'fir hannert de Spijel'** 30 000 mol duer komm ass, wou mir eis Aarbecht fir d'Sprooch wëlle maache: bei de Leit!

'D'Extranummer 3' guff de klengen Ännerunge vun eiser Schreifweis (1999) ugepasst a läit elo an alle gudde Bicherbutteker... fir **de Präis vun nach net emol engem Päckelchen Zigaretten (3,50 €)**. Dat misst et iech dach och wert sinn. Oder?

## gonnen an holpereg

Setzt déi zwéin Ausdréck emol an en normale Saz: Dee Gaschtvull vu Mil ka kengem Mënsch eppes... **vergonnen**. Do ass ni 'gonnen' am Gespréich gewiescht; dat ass dat däitscht 'gönnen', dat sech an der Lescht erageschlach huet wéi en Ouereschlëffer... natierlech duerch déi Onmass vun däitschsproochegen TV-Programmen. Zwou net grad éierlech Äntwerten dorop: 'Dat ass dach nach ëmmer esou gewiescht', nixda! 'A wat soll esou eng Klenggeeket da wëlle soen?' Dat sot emol op 'Goethesch': 'Dieser Gastvogel kann niemandem etwas vergönnen'... e Fall fir eis Sproochdokteren op der Uni!

En 'holperege' Wee ass et och vrum 'Fernseh' net hei ginn; dat war a bleift e 'knubbelege' Wee; a wann eng arem Louder 'hippt', dann ass dat schlëmm genuch, fir datt hien/si net och nach brauch iwver en '*holperege*' Wee ze '*humpelen*'. Do hippt déi knubbeleg Sprooch da genuch. Kaaft iech **eist Buch 'EISES'**, just de Kotteng fir esou Froen.